

Lëtzebuerg, den 24. November 2023

Move.approved ass gewuess! 15 nei Adressen fir den alternative Guide vu move.

Och 2023 ass Lëtzebuerg nach ëmmer dat Land, dat den Overshootday – also deen Dag wou mir als Land schonn allegueren déi Ressource verbraucht hunn, déi eis eigentlech fir ee ganz Joer ze gutt sténgen - weltwäit als zweet Land erreecht, nämlech schonn am Februar. An obwuel mir wëssen, datt eis Ressource begrenzt sinn, ass de Black Friday nach ëmmer ee vun den erfollegräichste Konzepter vun der Geschäftswelt fir mat ganz héichen Reduktiounen zu nach méi Konsum unzereegen. Woubäi an där Stëmmung erwisenermoosse virun allem Saache kaaft ginn, déi een net brauch an déi een och net méi glécklech maachen.

Déi gutt Noriicht ass: och hei zu Lëtzebuerg ginn et schonn eng ganz Rei vun Initiativen, Organisatiounen a Butteker, déi sech Nohaltegkeet op de Fändel geschriwwen hunn. move., déi Jonk am Mouvement Ecologique, hunn sech op d'Sich no genee dës Plaz gemaach an 2017 den éischten alternative Stadplang fir d'Stad Lëtzebuerg erausbruecht: move.approved ass gebuer. 2020 ass dës Stadplang online gaangen an huet sech op d'Stad Esch erweidert. Elo, 3 Joer méi spéit, ass et Zäit fir en Update vu

moveapproved.lu

Iwwer 60 Plaze sinn an deem neien Online-Guide ze fannen, opgedeelt a 5 Kategorien: Iessen&Drénken, Kultur, Aktivismus, Fräizäit a Fashion.

Fir all Kategorie hu mir [Krittäre](#) festgeluecht. Dës Krittären notzt move. fir ze decidéieren op eng Adress an d'Konzept passt. Move.approved huet net den Usproch, datt d'Adresse perfekt sinn an zu 100% der Idealvirstellung aus ökologeschen a soziale Krittären entsprechen. Et gëllt déi Adressen ze wärdigen, déi ee signifikanten Effort fir d'Nohaltegkeet maachen an op hier Aart a Weis ee Virbild sinn. Iwwerdeems ginn och Plaze virgestallt, déi mir als move. einfach flott fannen, well Zesummesinn mécht bekannterweis méi frou wéi konsuméieren.

Nei dobäi komm sinn des Kéier zum Beispill de vegane Restaurant Rucolino zu Diddeleng, d'Organisatioun ProVélo oder Devi, een Upcycling-Kleederbuttek mat fair produzéierter Moud an der Stad. Och eng Rei kulturell Aariichtunge wéi d'CITIM Bibliothék oder d'Escher Kulturfabrik sinn um Site ze fannen, genee esou wéi e puer Plazen am Land déi vun eise move.ler als « Coup de Cœur » bezechent goufen (z.B. den Ellergronn oder de Skatepark Péitruess).

Move.approved Rallye Op der Sich no 10 Stempelen fir Nohaltegkeet

Fir de Plazen aus dem move.approved méi Visibilitéit ze ginn, lancéiert move. am Dezember de move.approved-Rallye. **Bis zum Enn vum Joer ka jiddereen:t sech eng move.approved Stempelkaart siche goen, entweder am Oekozer Pafendall oder och op deenen Adressen, déi beim move.approved dobäi sinn.** Wann ee bei 10 Plazen laanscht gaangen ass fir 10 Stempelen ze sammelen, da kann een déi voll Stempelkaart u move. zréckschécken an huet domat d'Chance op ee Gewënn aus engem vun de bedeelegte Restaurants a Cafén.

Méi Informatiounen zum Rallye fënnt een ab nächster Woch op *moveapproved.lu*, op *move.meco.lu*, oder um Instagram *move.meco*.

Zäitraum vum Rallye: 1. Dezember bis den 31. Dezember

Adress fir eng Stempelkaart ze kréien an duerno nees ofzeginn:

Oekozer Pafendall, 6 rue Vauban, L-2663 Lëtzebuerg, oder op all de Plazen aus dem move.approved Guide

Ween ass move.? Move. ass de Jugendgrupp vum Mouvement Ecologique. Zesummen diskutéiere mir doriwwer, wéi mir eis Zukunft selwer an d'Hand huelen an aktiv kënnen ginn. Dofir treffen mir eis regelméisseg an organiséierte Projeten, Aktiounen oder Workshops, z.B. zu den Theme Klimawandel, Naturschutz, Landwirtschaft, Wunnen, Demokratie, Bildung oder Konsum.